# Nuit du Football
# Jans a Marin bescht
# Spiller, da Mota schéinste Goal

Um Freideg den Owend an der Rockhal war déi éischt "Nuecht vum Football"
an do goufen eng ganz Partie Spiller an och Equippen ausgezeechent.

RTL.lu 24.10.2015
Foto: Val Wagner

Op der éischter Nuit du Football gouf de Laurent Jans als beschte Spiller vun der Saison 2014/2015 gewielt.

Bei den Damme war dës Wiel eng éischte Kéier: D'Trophée ass un d'Karen Marin gaangen.

De schéinste Goal huet den Dan da Mota déi leschte Saison geschoss. Aus 5 verschiddene Goaler konnten d'Footballfans hei per SMS ofstëmmen.

Fir déi meeschte Goaler an der BGL Ligue gouf de Sanel Ibrahimovic ausgezeechent.

De Jos Hansen war den Arbitter méritant 2014/2015.

Déi verschidde Fair-Play Präisser goungen u Rouspert, Lamadeleine, Luna Uewerkuer, Ell a Gréiwels.